Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
Mars 2011 • XLIII /1

El Salvador - Luxembourg

Asaz an Häerzlechkeet heiheem an do iwwer

D'Fondatioun hält kee Wanterschlof

Léif Leit,

Haut schreiwe mer den 11. Februar. Knapps eng Woch ass vergaang zënter eiser Rees an El Salvador, an ech sinn a Gedanken nach ëmmer « do iwwer », wou sou vill Nout op eis Hëllef waart.

Am Hafe vu Puerto El Triunfo : Eis Delegatioun virum Panneau, deen op de « Projet El Jobal » hiweist. V.l.n.r. Marie-Josée a Guy Scholer, Mil Calmes, Roland Milbert an Anne Gloden.

Mee loosse mer der Rei no fueren, well an de leschte Méint war an eiser Fondatioun soss nach allerhand lass.

Do ass als éischt den Adventsmaart vun der **Par Conter** ze nennen. D'Organisateuren haten decidéiert, mam Benefice dëst Joer eis Wierker an El Salvador ze ënnerstëtzen. An engem charmanten Holzchalet hu mir am Haff vum Kulturzenter salvadorianesch Artikele verkaaft. Trotz der batterer Keelt war et eng flott Erfahrung, an déi äifreg Conter Leit verdéngen eisen décke Merci fir hir Hëllefsbereetschaft. Dee selwechte Weekend hunn **d'Fraen a Mamme vun Heischent** op hirem Missiounsbazar fir eis Projete gewuddert. Kuerz duerno war et dann un deene Klenge vun der **Gemeng Conter. D'Maison-Relais** hat en interne Chrëschtmaart organiséiert, wou Gebäck a Bastelaarbechte vun de Kanner zu Gonschte vun El Salvador verkaaft goufen. Am Dezember 2010 ass am **Dekanat Wooltz** eng gemeinschaftlech Adventsaktioun gelaf, wourun sech déi 4 Parverbänn Kiischpelt, Öewersauer, St. Pirmin a Wooltz grad ewéi Veräiner a Privatleit bedeelegt hunn. Mam Erléis droe si bäi zum Bau vu 24 neie Wunnénge fir mausaarm Familjen an den Dierfer El Jobal a La Bendición an El Salvador. Hinnen all e léiwe Merci !

Um Enn vum Joer gouf et eng Première fir eis Fondatioun : Mir hunn e jonke Stodent als **Volontaire an El Salvador** geschéckt. De Martin Kayser aus der

Stad wollt seng Studien ee Joer laang ënnerbriechen, fir am Kader vum « Service Volontaire de Coopération » an e friemt Land schaffen ze goen, a seng Wiel ass op El Salvador gefall. Als Virbereedung huet hien a sengem Lycée e Fotosconcours als Sensibiliséierung lancéiert, eng Aféierung beim « Service National de la Jeunesse », beim « Cercle des ONG » a bei eiser Fondatioun matgemaach, an um Enn en intensive Spueneschcours vun dräi Méint zu Salamanca suivéiert.

Eise jonke Volontaire Martin Kayser ass bei de Bouwen am Kannerheem zu Santa Ana ganz beléift.

Elo schafft hie bis Ufanks Juni am Kannerheem « Amor y Esperanza » zu Santa Ana : hien ënnerstëtzt d'Educateuren, gëtt Engleschcoursen an hëlleft am Computeratelier. Doniewent wäerd hien och de Chantier « El Jobal » an aner lëtzebuergesch Projeten an El Salvador kenne léieren. Déi onmoosseg administrativ Aarbecht war fir äis als exclusiv benevol Organisatioun eng echt Erausfuerderung, ma mir si frou fir engem jonken Idealist esou eng Chance ze bidden. De Martin fillt sech an deem ongewéinlechen Déngscht wuel a wäerd sécher mat onvergiesslechen Erfahrungen heem kommen.

Eng aner komplizéiert Aktivitéit war d'Virbereedung an d'Duerchféierung vun eiser **Rees an El Salvador**. Eng Delegatioun vun der Fondatioun war vum 21. Januar bis de 5. Februar ënnerwee, fir sech op der Plaz e Bild ze maachen iwwer d'Entwécklung vun eise Wierker, a fir de perséinleche Kontakt mat all eise Partner ze ënnerhalen. Eis Vertrieder waren d'Anne Gloden, de Roland Milbert, an d'Marie-Josée an de Guy Scholer ; op der Plaz hunn den Henri Gloden, de Mil Calmes an den Oscar Pinto (Direkter vum Kannerheem) sech em si gekëmmert. D'Plange vun der Expeditioun an d'Visitë selwer ware voll Iwwerraschungen, well déi verschidde Plaze wäit ausenee leien, a well mir selwer an och eis Partner ganz verschidden Terminer, Aschränkungen a Wënsch haten, déi ëmmer nees geännert hunn. Och hu mir äis missen u Virsiichtsregelen halen, fir der Gefor vu kriminellen Akten aus dem Wee ze goen.

D'Salvadorianer sinn am allgemengen net staark am Virausplangen, mee Meeschter am Improviséieren. Sou hu si äis erlaabt, souzesoen all Projeten ze gesinn, déi d'Fondatioun Lëtzebuerg – El Salvador direkt oder indirekt ënnerstëtzt : D'Kannerheem an d'Atelieren zu Santa Ana, d'Fraenhaus an d'Stodentenhëllef zu San Salvador, de Bau vu Wunnraum zu El Jobal, d'Erwuessebildungshaus zu La Majada, d'Konschthandwierk zu La Palma. Et ware lauter ganz intressant Visiten an nëtzlech

Kontakter mat deene betraffene Persounen : am ganzen aacht Reuniounen, déi wéinst de verschiddene Sproochen net onbedéngt erhuelsam waren, an dann nach vill Eenzelgespréicher. Am Résumé kënne mer bezeien, datt op alle Plaze seriö geschafft gëtt an datt de Projet El Jobal gutt viru geet. Natiirlech gouf och iwwer noutwenneg Verbesserungen diskutéiert, a mir kruten nei Projete proposéiert, déi awer emol mussen am Fong stodéiert ginn. Op Schratt an Tratt si mer der Aarmutt a Persoun begéint ; ech hunn eng gewëss Satisfaktioun gespuert, datt eis bescheiden Hëllef op eng Plaz geet, wou se wierklech gebraucht gëtt, awer och eng gewëss Onsécherheet, wéi vill Luxus ech hei a Lëtzebuerg da wierklech brauch. Vu ville Säiten hu Leit der Fondatioun an den Donateure merci gesot fir hir Ënnerstëtzung, e Merci, deen ech iech heimatt gär weider reechen.

Dës Famill ass ganz frou iwwert hir nei Wunnéng a seet dem President vun der Fondatioun Lëtzebuerg – El Salvador villmools merci.

Mir hunn och vun der Rees profitéiert fir e puer flott Uertschaften a Landschaften als Touristen ze genéissen a bei ëm déi 30° e bësse Sonn ze tanken. Dee stäerksten Androck awer bleift d'Häerzlechkeet, mat där mer iwwerall empfaang goufen. D'Frëndschaft an den Asaz vun eise Partner an El Salvador maachen äis Courage, hei zu Lëtzebuerg fir déi bluttnéideg Wierker weider ze schaffen.

Guy Scholer,
President vun
der Fondatioun

Invitatioun
fir Mass an Zesummesi mam Abbé Henri Gloden

Wéi all Joer kënnt den Henri Gloden fir e puer Wochen op Lëtzebuerg. **Samschdes, den 9. Juli 2011** feiert hie mat Frënn a Familjen d'Mass um **18:30 Auer** am Mutterhaus vun de Franziskanerinnen op Belair, 50, avenue Gaston Diderich.

No der Mass si mir zesumme bei engem Patt an engem Mäifelchen. Dir sidd elo schonn all häerzlechst invitéiert.

D'Chorale Sainte-Cécile vu Sandweiler ass och dëst Joer erëm bereet fir an der Mass ze sangen. Jiddereen, dee Spaass um Gesank huet, ass wëllkomm, fir de Chouer ze verstäerken. D'Sänger komme schonn um **17:45 Auer** zesumme fir sech d'Lidder unzekucken. Wien d'Nouten am viraus wëllt heem geschéckt kréien, soll sech iwwer den e-mail **scholerguy@tango.lu** oder den Telefon 35 87 32 mellen.

Alltag in El Salvador

Bericht des luxemburgischen Priesters Henri Gloden

Tränen der Hilflosigkeit

Alltag am Stadtrand von Santa Ana: in einer armen, baufälligen, miserablen Hütte… fünf Kleinkinder kriechen im Staube herum. Ihre Gesichter fahl und blass. Sie schreien, die Mutter weint. Kein Mittagessen, kein Abendmahl, weder Maisbrötchen, noch Bohnen. Kein Vater, kein Mann, keine Hoffnung.

Sie wohnen in einem Elendsviertel, einem Slum.

„Lust“ zum Schreien, zum Sich Schämen.

Hütte schrieb ich. Mal nicht Hütte. Ein Sammelsurium aus Pappe und Plastiktüten. Alle wohnen hier in ähnlichen Behausungen.

Die Siedlung heisst Los Angeles, die Engel!

Vier Anekdoten

Letzte Woche wurde eine Tochter der Koordinatorin der Kinderateliers unseres Kinderheimes in einem Linienbus von Santa Ana nach San Salvador überfallen.

Sie wurde mit einem Messer bedroht, schrie um Hilfe. Der Busfahrer machte bewusst einen krassen Fahrfehler vor einem Polizeiposten.

Die Polizei verfolgte das Fahrzeug, stellte es ein paar hundert Meter weiter.

Die Agenten verstanden gleich, verhafteten den hungrigen Räuber.

Jetzt schmachtet der „arme“ Mensch mit vielen anderen in einem unglaublich überfüllten Gefängnis ohne Zukunft.

Sein Vergehen: Verzweiflung, Armut, Elend…

In Santa Ana überfiel vor ein paar Tagen eine zornige, ausgemergelte Frau die Fahrgäste eines Minibusses. Die Sekretärin des Kinderheimes saß in jenem Bus.

Sie zitterte noch vor Angst und Schrecken, als sie uns das Geschehnis erzählte.

Machen Sie sich ein plastisches Bild davon, spielen Sie mit Ihrer Phantasie…

Vor vierzehn Tagen wurde der Bischof von Santa Ana um acht Uhr früh in seinem Haus von sechs Jugendlichen überfallen.

Sie sperrten den Bischof und seine Köchin in ein Zimmer ein, fuhren mit einem geklauten Auto in den Innenhof des Hauses, luden den Geldschrank des Bistums auf die Pritsche ihres Pickups und fuhren seelenruhig davon.

In dem kleinen abgelegenen Ort Chiltiupán schlug ein Jugendbandenführer die Holztür eines Dorfladens mit einer Machete, einem großen, scharfen Buschmesser, ein. In dem Miniladen waren der Ladenbesitzer und ein paar Kunden. Nachbarn riefen die Polizei. Diese traf schnell am Tatort ein.

Ein übereifriger Polizist schoss auf den jungen Räuber und verletzte ihn schwer.

Die beiden anderen Polizisten verhafteten ihren Kollegen und führten ihn in das nächste Gefängnis. Im gleichen Polizeiwagen fuhren sie den jugendlichen Verbrecher in eine Klinik zur Notaufnahme.

Wir sehen und lesen diese „Anekdoten“ wie kleine Alltagsberichte, „die das Leben schreibt“. Sind wir uns der Tragik, der

Dramatik, die dahinter stecken, bewusst? Wieviel menschliches Leid, wieviel unermessliche Verzweiflung, Leiden und Hilflosigkeit müssen diese ärmsten Menschen oft ohne Verschulden ertragen?

Alltag in einem der ärmsten Länder der Welt…

Können Sie sich, liebe Freunde in Luxemburg, vorstellen, in welcher Angst wir hier leben, wohnen, arbeiten, leiden…?

Nur im Glauben ist das auszuhalten: Psalm 4:

„Mich quält keine Sorge, wenn ich mich niederlege, ganz ruhig schlafe ich ein; denn nur Du, Herr, lässt mich in Sicherheit leben".

Gott und Ihnen danken wir herzlichst für Ihre Spenden im Jahre 2010

Wie jedes Jahr möchten wir Ihnen kompakt Rechenschaft geben über die Anwendung Ihrer Spenden.

In Zusammenarbeit mit der Stiftung Luxemburg-El Salvador konnten wir auch 2010 wieder ärmsten Menschen in El Salvador finanzielle Hilfe zukommen lassen. Hier eine Zusammenfassung der Hauptausgaben:

- 125 900 $ wurden für den Unterhalt des Kinderheimes Amor y Esperanza gebraucht. Um die 40 Straßenkinder haben hier ein Zuhause gefunden. Die Unterhaltssumme beinhaltet neben den Gehältern der neun Mitarbeiter und Erzieher sämtliche Unterhaltskosten der Gebäude, Essens- und Kleiderkosten, alles, was zum täglichen Leben benötigt wird. Staatliche Beihilfe seitens der salvadorianischen Regierung gibt es nicht, allerdings muss eine recht pingelige Qualitätskontrolle bestanden werden.

- 53 800 $ mussten aufgebracht werden, um die zum Heim gehörenden Werkstätten (Schweißerkurse, Backkurse, Kochstudio, Computerkurse, Kunstkurse wie Musik und Zeichnen und andere kreative Fähigkeiten) funktionieren zu lassen. Um die 200 Jugendliche aus den Vororten von Santa Ana nehmen regelmäßig an den Kursen der Ateliers teil.

- 116 000 $ flossen in die Studienbeihilfe für äußerst arme Schüler und Studenten. Diese Stipendien erscheinen uns eine wichtige Aufgabe im Dienste der salvadorianischen Bevölkerung, erlauben sie doch mittellosen Studenten den Besuch der weiterbildenden Schulen, die sie ohne finanzielle Hilfe nicht besuchen könnten.

- 36 700 $ erlaubten den Unterhalt des von Ordensschwestern geleiteten Heimes Casa Madre de la Misericordia für äußerst arme Frauen, für misshandelte Frauen, für schwangere Mädchen.

- 89 100 $ waren zur Verfügung für die medizinische Unterstützung der notleidenden Bevölkerung (Arzneien, Operationen, ärztliche Behandlungen). Dank Ihrer Hilfe konnten wir vielen Kranken beste Hilfe zukommen lassen.

- 38 500 $ schlugen zu Buche, um Defizite des Bildungshauses La Majada zu decken. Dieses Geld erlaubt ärmsten Salvadorianern die Teilnahme an Wochenendkursen, deren geringen Unkostenbeitrag sie nicht aufbringen können.

- 36 400 $ mussten für den Unterhalt und den Ausbau der Kaffeeplantage des Heimes aufgebracht werden. Der Verkauf der Kaffeeernte wird es hoffentlich erlauben, dieses Geld zurück zu erwirtschaften.

- 14 500 $ konnten wir armen einheimischen Priestern für Messintentionen zukommen lassen.

- 44 500 $ erlaubten den Ankauf von Rollstühlen für behinderte und schwerstkranke Menschen, von Büchern und Zeitschriften für mittellose Studenten, für Beihilfe in äußersten Notfällen.

Im Namen jener Menschen aus El Salvador, denen Sie mit Ihren Spenden geholfen haben, ein größtes Dankeschön. Gott wird es Ihnen vergelten.

Herzlichsten Dank den Mitgliedern des Verwaltungsrates der Stiftung für ihre uneigennützige und aufopferungsvolle Arbeit im Dienste der salvadorianischen Bevölkerung.

Dank Ihrer Spenden konnte die Stiftung Luxemburg-El Salvador viele diese Ausgaben bezuschussen, insgesamt im Jahre 2010 mit 434 460 $.

Für den Bau und die Fertigstellung der etwa 150 Kleinhäuser auf der Insel El Spiritu Santo im Dorf El Jobal brachte die Stiftung 132 500 $ auf.

397 500 $ steuerte das Kooperationsministerium der Luxemburger Regierung zu dem kofinanzierten Projekt bei.

Viele Häuser sind schon von den stolzen Neubesitzern bewohnt.

Ich bete jeden Tag in der Messe für Sie und Ihre Anliegen.

Mit besten Ostergrüßen.

Ihr Henri Gloden

Kontakt

In Luxemburg:

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93, Internet: www.cercle.lu
E-Mail: lux-elsa@internet.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100

Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

In El Salvador:

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00 503 78 77 09 78
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

Impressum

El Salvador - Luxembourg

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).

Imprimé sur papier recyclé